N°3291
Entrée le 06.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse du ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°3291 du 4 décembre 2025 de l'honorable Sven Clement au sujet de la traçabilité du gaz et objectif zéro gaz russe**

*1. Wann den direkten Traçage technesch onméiglech ass, wéi eng Schätzunge leien dem Ministère vir, wéi héich den effektive russeschen Undeel an deene Gas-Importer ass, déi laut STATEC offiziell aus der Belsch oder aus Frankräich kommen?*

Laut de jeeweilegen nationale Statistike louch den Undeel vu russeschem Gas an der Belsch 2023 bei 7.6% (2024: 8.7%)[1], an a Frankräich 2023 bei 13.1% (2024: 17.9%)[2].

*2. Wéi gedenkt d'Regierung sécherzestellen, datt d'Zil vun „Null russesche Gas bis 2027" erreecht gëtt, wann d'Lëtzebuerger Fournisseure weiderhi fräi op engem anonymiséierte Bannemarché akafen, wou russesche Gas potenziell ëmgelabelt weiderverkaaft gëtt, an z.B iwwert Drëttstaaten an d'EU erafléisst?*

Esou wéi den 3. Dezember 2025 vun der dänescher EU-Conseils-Présidence matgedeelt ginn ass, gouf tëscht dem EU Conseil an dem Parlament en Accord fir en EU-Reglement fonnt fir esouwuel verflëssegten Äerdgas (LNG) a Pipeline-Gas-Importer aus Russland ab dem Hierscht 2027 komplett ze verbidden.[3] Well doduerch garantéiert kee russesche Gas méi an d'EU däerf agefouert ginn (dat heescht zum Beispill och net a Frankräich oder an d'Belsch), wäert vun deem Zäitpunkt un och fir Lëtzebuerg garantéiert kee russesche Gas méi am Energiemix sinn. Fir den Import vu russeschem Gas iwwer Drëttstaaten ze adresséieren, gouf an deem selwechte Kontext eng Autorisatiounsprozedur agefouert, fir d'Origine vun dësen Importer ze kennen an doduerch selektiv russesche Gas kënnen auszeschléissen.

*3. Gëtt iwwerluecht, nei Transparenz-Reegelen oder Zertifizéierungspflichten (Certificates of Origin) fir Lëtzebuerger Gasimportateuren anzeféieren, fir d'Hierkonft vum Gas onofhängeg vu physikalesche Flëss kontraktuell nozeweisen?*

Am Kader vum uewe genannten EU-Reglement ginn an den Artikele 6 a 7 Reegele fir den effektive Monitoring a Reporting, esouwéi fir d'Kooperatioun an den Echange vun Informatiounen hisiichtlech Gas agefouert, ouni dobäi den effiziente Fonctionnement vum Europäesche Bannemaart a Fro ze stellen oder ze behënneren.

*4. Wéi eng konkret Alternativen zu de momentane "Spot-Maart"-Akeef ginn de Gasfournisseuren ugeroden oder staatlech ënnerstëtzt, fir laangfristeg Kontrakter mat net-russesche Produzenten ofzeschléissen?*

---

[1] https://economie.fgov.be/fr/themes/energie/lenergie-en-chiffres/donnees-annuelles-de-gaz
[2] https://www.statistiques.developpement-durable.gouv.fr/chiffres-cles-de-lenergie-edition-2025?rubrique=&dossier=170
[3] https://www.consilium.europa.eu/en/press/press-releases/2025/12/03/council-and-parliament-strike-a-deal-on-rules-to-phase-out-russian-gas-imports-for-an-energy-secure-and-independent-europe/?utm_source=brevo&utm_campaign=AUTOMATED%20-%20Alert%20-%20Newsletter&utm_medium=email&utm_id=3318

Lëtzebuerg ass en integralen Deel vum europäesche Bannemaart fir Gas. Dësen europäesche Bannemaart ass d'Réckgrat vun der Gasversuergung an Europa, an ass fir d'Versuergungssécherheet kruzial, well op dësem Maart d'Offeren an d'Demande zu all Moment alignéiert ginn. Dëse Maart bitt nieft Spot-Produkter och Monats-, Trimester-, Hallefjärlech- a Joresprodukter bis zu 3 Joer am Virfeld un.

Am Kader vun der Europäescher Kommissioun hirer REPowerEU-Roadmap, hunn d'Europäescht Parlament an de Conseil sech den 3. Dezember drop gëeenegt, fir effektiv a permanent kee russesche Gas méi ze importéieren, an dat gëllt spéitstens ab dem 1. Januar 2027 fir russeschen LNG an ab dem 1. Oktober 2027 fir russesche Pipeline-Gas, inklusiv verschidde Verbueter déi scho méi kuerzfristeg a Kraaft trieden.

Dat heescht, datt an absehbarer Zäit um europäesche Bannemaart fir Gas kee russesche Gas méi gehandelt wäert ginn, an datt déi Volummen duerch Gas aus anere Länner ersat wäert sinn, besonnesch duerch LNG aus den USA a Qatar. Dat heescht awer och, datt Lëtzebuerger Fournisseuren sech och weiderhi fräi um europäesche Bannemaart wäerte kënne mat Gas sécher approvisionéieren.

*5. Mat wéi engem Impakt op d'Energiepräisser fir Stroum a Gas rechent de Ministère fir d'Enn vum Joer 2027, wann déi bëlleg russesch Gas-Offer komplett vum europäesche Maart verschwënnt?*

Wéi an der RePowerEU Roadmap vun der Kommissioun detailléiert beschriwwen, hunn déi ëmgesate Mesurë just e ganz limitéierten Impakt op d'Präisser, well de globalen LNG Marché haut staark diversifizéiert ass, an zudeem an den nächste Joren éischter mat enger Iwwerproduktioun ze rechnen ass.[4]

Insgesamt ass den Impakt vun deene Mesuren dowéinst éischter positiv ze bewäerten, well d'Ofhängegkeet vu Gasimporter aus Russland d'Unioun an d'Memberstaaten ufälleg gemaach huet fir Versuergungsengpäss a Präisschwankungen.

Luxembourg, le 06/01/2026
Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme
(s.) Lex Delles

[4] EUR-Lex - 52025DC0440R(01) - EN - EUR-Lex